Ordre du jour

1. 5056 - Projet de loi portant approbation du Traité international sur les ressources phytogénétiques pour l'alimentation et l'agriculture, adopté le 3 novembre 2001 par la trente et unième réunion de la Conférence de la FAO

   (Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

2. Question urgente N° 2495 de M. Ben Fayot relative à la Stratégie européenne de sécurité

3. Motion de M. François Bausch relative au Fonds d'aménagement et d'urbanisation du plateau de Kirchberg

   Motion de M. François Bausch relative aux établissements publics

   (Discussion générale - Votes)

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden et Charles Goerens, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.03 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir kommen elo als éischte Punkt zur Diskussioun vum Projet de loi 5056, en internationaalt Ofkommes aus dem Beräich vun der Alimentatioun a vum Akerbau. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: den Här Scheuer, d'Madame Durdu, déi Häre Gibéryen, Gira an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement.

1. 5056 - Projet de loi portant approbation du Traité international sur les ressources phytogénétiques pour l'alimentation et l'agriculture, adopté le 3 novembre 2001 par la trente et unième réunion de la Conférence de la FAO

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Här President, ech soen Iech merci, mä ech hu gemengt, ech wär de Punkt Nummer 2 um Ordre du jour. Ech soen da merci, fir datt ech den éischte Punkt um Ordre du jour sinn.

(Interruptions diverses)

Elo hätt et eigentlech an der Theorie kënne sinn, datt ech hätt däerfen e puer Minutten ze spéit kommen an da wier alles iwwert d'Kopp gelaf.

Une voix.- Här Clement, sidd Der nach net geeschteg preparéiert?

M. Lucien Clement *(CSV), rapporteur.*- Dach, dach, leet Äre Kapp a Rou.

Also, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet, mat deem mer haut befaasst sinn, behandelt d'Zoustëmmung zu engem internationalen Traité iwwer planzlesch genetesch Ressourcë fir Ernährung a Landwirtschaft, deen am Kader vun der 31. Reunioun vun der Ernährungs- a Landwirtschaftorganisatioun vun de Vereenegte Staten ugeholl gouf. D'Behalen, esou wéi déi nohalteg Notzung vu genetesche Ressourcen, gehéieren haut zu de wichtegsten Themen an de Beräicher Ernährung, Landwirtschaft, Gesondheet an Ëmwelt. Mam Opschwong vun där moderner Biotechnologie, déi d'Entwécklung vun neie Produiten opgrond vu Genen erméiglecht, ass den Zougang zu genetesche Ressourcen, sou wéi d'Verdeelung vun de Virdeeler, déi sech aus der Notzung vun dëse Ressourcë kënnen erginn, e Géigestand vu ganz villen Diskussioune ginn.

De Projet de loi iwwert den internationalen Traité vu FAO handelt also wéi schonns erwähnt iwwer planzlech genetesch Ressourcë fir d'Ernährung an d'Landwirtschaft. FAO ass d'Organisatioun vun de Vereenten Natioune fir Ernährung a Landwirtschaft. Zënter 1983 besteet dës FAO fir eng rechtlech, net bannent Verflichtung iwwer planzlech genetesch Ressourcen.

Dës Verflichtung huet zum Zil fir d'Sammlung, d'Erhalen an d'Erfuersche vun der biologescher Villfalt vun de landwirtschaftlechen Notzplanzen ze garantéieren. Dës Villfalt ass awer duerch verschidden Entwécklungen a Gefor, ënner anerem där vun der industrialiséierter Landwirtschaft. D'Erhale vun dëser Villfalt ass fir d'Planzenziichtung a fir déi zukünfteg Upassung un déi landwirtschaftlesch Produktiounen, an un déi sech méi oder manner wiesselnt Ëmstänn, vu grousser Wichtegkeet.

Dat zielt och fir eng standuertugepassten naturverträglech an diversifizéiert Landbewirtschaftung. D'Grondlag vun där internationaler Zesummenaarbecht war bis elo deen 1983 an der Verflichtung verankerte Prinzip vum fairen Zougang zu allen Notzplanzen, Kulturformen a planzlech genetesche Ressourcen. Dëse Prinzip berout um Grondsaz, datt esou genetesch Ressourcen en Ierwe fir déi kommend Generatioune soll sinn.

Am Laf vun der Zäit si Konflikter iwwert d'Schutzrechter vu verschiddene Planzenziichtungen opkomm, sou datt den Text vun der ursprénglecher Verflichtung des Öfteren huet missen ugepasst ginn. Gläichzäiteg sinn awer och d'Rechter vun de Baueren unerkannt ginn, déi am Laf vun der landwirtschaftlecher Entwécklung déi weltwäit grouss Villfalt vun den Notzplanze geschaf hunn; si sollten dofir en Ausgläich erhalen. Et sollt en internationale Fong fir planzlech genetesch Ressourcë geschafe ginn, aus deem Projeten a Programmer zur Erhalung an zur verbesserter Notzung vu planzlech genetesche Ressourcë finanzéiert sollte ginn.

Dëse Fong ass awer, Här President, ni zum Droe komm. Mam Akraafttriede vum Kompromëss iwwert déi biologesch Villfalt vun 1983 goufen nei rechtlech - an dës Kéier awer bannent Regelungen - zum Zougang vu genetesche Ressourcë geschafen. Dobäi gëtt vum Grondsaz vun der internationaler Souverainitéit ausgaangen. Jiddfer Land verfügt iwwert déi eege genetesch Ressourcen an déi eenzel Regierungen hunn d'Recht den Zougang och gesetzlech ze regelen. Fir déi international Verflichtunge vun der Ernährungs- a Landwirtschaftsorganisatioun un dëse Kompromëss unzepassen an déi vill nach ongeléiste Froen, wéi den Zougang zu de genetesche Ressourcen, wéi d'Rechter vun de Baueren, ze regelen, huet also déi 27. FAO-Konferenz 1983 beschloss, fir déi Verflichtungen nei ze verhandelen.

Den Traité iwwert dee mer de Mëtteg hei an der Chamber diskutéieren ass, no siwe laange Verhandlungsjoren, dunn endlech 2001 zustane komm an harmoniséiert mat der Konventioun vu Rio de Janeiro iwwer biologesch Diversitéit, déi am Gesetz vum 4. Mäerz 1994 approuvéiert gouf. Dësen neien Traité ass en entscheedende Schrëtt, fir déi zukünfteg Verfügbarkeet vun der Villfalt vun de planzlech genetesche Ressourcë sécher ze stellen. D'Erhale vun dëse Ressourcen ass ënner anerem d'Sécherung vun der Ernährungsgrondlag vun enger bestänneg wuessender Weltbevölkerung, awer och d'Sécherung vu ville Baueren a Planzenziichter hirer Existenz.

Dësen Traité gesäit ënner anerem vir: d'Erhalung an déi nohalteg Notzung vu planzlech genetesche Ressourcen, fir Ernährung a Landwirtschaft ze assuréieren, mä och fir d'Avantagen, déi sech aus hirer Notzung erginn, gerecht erëm ze verdeelen. Ausserdeem gëtt e multilaterale System op d'Bee gestallt, deen den Austausch vun Informatiounen an Technologien zwëschent deenen eenzelne Memberlänner virgesäit. Dës Resultater solle besonnesch den Entwécklungslänner zu Gonschte kommen.

Den Traité erkennt och déi wichteg Roll un, déi d'Baueren an der ganzer Welt am Domän vun der Erhalung, der Verbesserung an der Verbreedung vu planzlech genetesche Ressourcë spillen. Hei sinn déi verschidden national Regierunge gefuerdert fir d'Rechter vun de Baueren ze ënnerstëtzen an och ze beschützen.

Dësen internationalen Traité iwwert déi planzlech genetesch Ressourcë fir Ernährung a Landwirtschaft gëtt als Duerchbroch zu Gonschte vun der Landwirtschaft ugesinn. D'Landwirtschaft verfügt nämlech elo iwwert en internationale rechtleche Kader op deem se hir eegen Approchen entwéckele kann.

Nieft dëse positive Punkten zu Gonschte vun der Landwirtschaft muss Lëtzebuerg awer och enger Rei vu Verflichtungen nokommen. Nieft der Erhalung, der Forschung an der nohalteger Notzung, sou wéi deem geregelten Zougang, muss Lëtzebuerg all Joer Suen an e spezielle Fong abezuelen. Duerch dëse Fong ginn déi national Aktivitéiten, sou wéi déi Programmer am landwirtschaftleche Beräich fir Entwécklungslänner, déi am Kader vun dësem Traité virgesi sinn, betreit a si ginn och doriwwer finanzéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dësen Traité wäert a Kraaft triede wann e vun op mannst 40 State ratifizéiert gouf. De leschten Informatiounen no hu bis elo eng 34 Länner dësen Traité ratifizéiert. Ech wëll an dësem Kontext och drop hiweisen, datt Lëtzebuerg bis elo dat eenzegt ergo och dat éischt europäescht Land wäert sinn, wat dësen Traité ratifizéiere wäert, an dofir komme mer och an de Genoss fir eent vun deene 40 Länner ze sinn, déi dem Organe directeur ugehéiere wäerten.

Während der éischter Reunioun vun dësem Gremium gëtt haaptsächlech iwwert d'Form, d'Modalitéiten an d'Ëmsetzung vum Traité diskutéiert a wéi vill Suen all Land zum Fong bäisteiere muss. Mir sinn deemno gutt placéiert, fir eis national Interesse während dëser éischter Reunioun och ervirzehiewen. Am Moment ass et nach net méiglech fir déi politesch an déi finanziell Auswierkunge fir Lëtzebuerg ofzeschätzen. De Conseil d'État huet seng Remarque och an déi Richtung formuléiert.

Des Weideren huet déi héich Kierperschaft gemengt, et wier trotzdeem interessant fir ze wëssen ob d'Ratifikatioun vum Traité eng Adaptatioun vun der Lëtzebuerger Gesetzgebung géif matsechbréngen oder ob déi Europäesch Unioun déi communautär Législatioun an deem Mooss géif adaptéieren.

D'Ratifizéierung vun dësem internationalen Traité reit sech an déi vill Programmer an, wou Lëtzebuerg aktiv Entwécklungsaarbecht bedreift. Mir sinn dofir net fir näischt eent vu weltwäit fënnef Länner, déi d'UNO-Zil vun der Bereetstellung fir öffentlech Kooperatiounsaarbecht erfëllen. D'Aide au Développement rural an d'Reconsitutioun vun de finanzielle Ressourcë vum Fonds international du développement agricole, déi dës Chamber den 21. Oktober 2003 gestëmmt huet, sinn nëmmen e puer vu ville Beispiller.

De Projet gouf den 21. November 2002 vun der Madame Ausseministesch déposéiert, de 27. Februar huet d'Agrarkommissioun mech als Rapporteur bestëmmt. Trotz deene puer Remarquen, déi ech elo grad erwähnt hunn, ass de Projet den 28. Januar 2003 positiv vum Statsrot aviséiert ginn. D'Agrarkommissioun vun der Chamber huet sech mat dësem Projet befaasst an de Rapport vum 21. Oktober unanime ugeholl.

Dofir bleift mir, Här President, als Rapporteur zum Schluss nach just fir d'Chamber ze bieden, dëse Projet an där virleiender Form ze stëmmen. Ech soen dann zugläich merci fir d'Nolauschteren a ginn och nach den Accord vun der CSV.

Ech soen Iech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Den Här Jos Scheuer ass als éischte Riedner agedroen.

Discussion générale

M. Jos Scheuer *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mäi Kolleeg Georges Wohlfart huet sech mat dësem Projet befaasst, ass awer krank, an ech sinn dofir a senger Plaz agesprongen. Ech entschëllege mech, datt ech mech net konnt esou virbereede wéi dat hätt kënne sinn aus bestëmmten Ëmstänn, déi dat verhënnert hunn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech bréngen den Accord vun eiser Fraktioun zu engem Projet, deen à l'unanimité gestëmmt ginn ass an eiser Kommissioun, deen awer eng ganz Rei vu Froen opwerft, Froen, déi och schonn e puermol gestallt gi sinn op dëser Tribün. D'Fro no dem Notze vun de genetesche Ressourcen. Um wëssenschaftleche Plang stelle sech do eng ganz Rei vu Froen, um wirtschaftleche Plang an och um ethesche Plang. Dat hu mer duerchdiskutéiert a concernéiert dovun ass natierlech d'Landwirtschaft, esouguer zu Lëtzebuerg an och an der Drëtter Welt, mat der Problematik vun den Hongersnéit a vun der Beschafung vun Nahrungsmëttel fir eng Populatioun, déi weltwäit ëmmer méi wiisst.

Dat hei ass den Ufank vun enger internationaler Regelung, de weidere Schrëtt an eng richteg Richtung. Deen internationalen Traité, deen elo no siwe Joer endlech och hei sprochräif ginn ass, deen d'Sécherung vun der Ernährungsgrondlag weltwäit sollt verbesseren, gëtt vu Lëtzebuerg natierlech ratifizéiert mat deenen Implikatiounen, déi dat fir eis huet. Mir kënne bei de Modalitéite vun der Ëmsetzung matschwätzen. Mir kënne bei der Form, ënnert där deen Traité elo applizéiert gëtt, matschwätzen, a virun allem musse mer och eisen Obulus bäidroen zu dësem Gremium.

Et stellt sech fir mech eng wesentlech Fro, wéi bei all dësen Traitéen, wann een esou eppes op de Wee gëtt, an et sinn zwou Groussmächten, déi net matmaachen an deem Ganzen net nëmme skeptesch, mä ofleenent géintiwwerstinn. An dësem Fall sinn et mengen Informatiounen no Japan an d'USA. Da muss ee sech d'Fro stellen, wat esou en Traité weltwäit fir e Wäert huet.

Ech bréngen awer den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech wäert mech extrem kuerz halen an den Accord vu menger Fraktioun bréngen. Ech wëllt dem Rapporteur Lucien Clement merci soe fir seng Erklärungen, wou am Prinzip alles dobäi war.

Et waren haaptsächlech zwou Remarke vum Statsrot opgeworf ginn. Éischtens wéi vill Länner ratifizéiert hätten. Heibäi wëllt ech complémentaire soen zum Rapporteur, dass d'Europäesch Unioun dësen Traité guttgehalen huet, an zwar de 6. Juni 2002, a wann ech dann déi Lëschte gekuckt hunn an hoffentlech richteg interpretéiert hunn, esou hunn déi 15 Länner vun der Europäescher Unioun deen nämlechten Dag dësen Traité fir gutt befonnt a mir sinn, esouwäit wéi ech dat erfaasse konnt, konkret dat éischt Land vun der EU wat dësen Traité gutt befënnt, well et eis erlaabt an deem Comité directeur, wann een dat esou däerf soen, ze sinn, dee bei der konkreter Ausaarbechtung vun dëser Konventioun wäert massgeblech bedeelegt sinn. Ech mengen, do hu mer als Lëtzebuerger Land eng gutt Roll iwwerholl.

Déi zweet Problematik, déi de Statsrot opgeworf huet bei dëser Konventioun, ass, dass et interessant wier ze wësse wat fir eng Influenz dësen Accord kënnt op eist Land hunn a wien do géif reglementéieren. Ech mengen, de Fait dass déi Europäesch Unioun als alleréischt adhéréiert huet, weist ganz kloer d'Richtlinn, déi an der Europäescher Unioun sech wäert erausschielen, nämlech déi, datt d'Europäesch Unioun och dee gréisste Poids hei wäert kréien, a wat fir een Afloss se wierklech konkret wäert kréien, wäert sech erweise wann dës Konventioun richteg ëmgesat gëtt, an ech sinn do iwwerzeegt, vu datt mer dann an deem Organe directeur sinn, dass mer do méi Afloss kënne geltend maachen, och wa mer e ganz klengt Ländche sinn.

Dëst gesot, wollt ech Iech soen, datt ech den Accord vu menger Fraktioun zu dëser Konventioun bréngen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet hei, gëtt gesot, betrëfft an éischter Linn d'Agriculture. Ech géif soen, dee Projet hei betrëfft d'ganz Mënschheet, well d'genetesch Vielfalt, déi mer dobaussen hunn, ass eng Propriétéit vun der ganzer Mënschheet. Dofir ass et immens wichteg, datt deen Domän esou gutt wéi et nëmmen iergendwéi geet reglementéiert gëtt, datt all Efforte gemaach gi fir déi natierlech Diversité génétique,

déi am Laf vu Millioune Joren entstanen ass, esou wäit wéi et iergendwéi méiglech ass ze erhalen. Mir wëssen, datt de Moment all Dag honnerte vun Aarten dobaussen, ech wëll net soen dausende vun Aarten - et ass en erschreckende Chiffer - verschwannen, an datt mat deene moderne Bewirtschaftungsmethoden, mat den Aflëss vun eiser ëmweltschiedegender Aart a Weis wéi mer schaffen, lues a lues déi Diversité génétique verluer geet.

D'Wichtegkeet dovu geet eleng doraus ervir, datt haut Wëssenschaftler, Fuerscher sech d'Suelen heiansdo duerch d'Welt oflafe fir nach originär Planzen, déi am Ufank stounge vun eisen héichgeziichtenen a sou genannte vereedelte Planzen, fir erëm Genen ze fannen, wou nach Resistenzen dra verstoppt sinn, déi een erëm kënnt op eis Kulturplanzen iwwerdroen a wou et heiansdo ganz schwéier ass nach déi originär Planzen ze fannen, déi déi Eegenschaften nach hunn.

Datselwecht betrëfft d'Erhalung vun alen Déierérassen, wou de Moment och scho vill Efforte gemaach ginn, fir datt mer déi, och wa se wirtschaftlech vläicht net méi interessant sinn, erhale fir eng Kéier kënnen op se zréckzegräifen, wa mer se da brauchen.

Dofir ass et och ganz besonnesch noutwendeg, datt d'Genbanken, déi de Moment schonn doruechter bestinn, weider ënnerhale ginn, datt se weider vläicht nach ausgebaut ginn. Ech wëll drop hiweisen, datt virun allem an den Urwälder dat allergréisste genetescht Potenzial an nach net erfuerschte Potenzial läit, wat enorm bedrot ass, well mer wëssen, datt wann an deem Tempo virugefuer gëtt d'Urwälder ewech ze maache wéi dat elo de Fall ass, datt an zéng Joer bal näischt méi do ass.

Eng Gefor, déi op deem ganze Secteur do läit, ass, datt natierlech ëmmer erëm Firmen alles ënnerhuele fir d'Hand op esou genetesch Ressourcen ze leeën an esouwäit wéi et geet och nach patentéieren ze loossen, fir da kënne Profit draus ze schloen.

Mir deelen déi Attitüd net. Ech hunn dat am Ufank gesot. Mir sinn der Meenung, datt d'genetesch Ressourcen, d'Vielfalt, d'Diversitéit vun de genetesche Ressourcen en Allgemenggut vun der Mënschheet muss sinn, datt keen eppes dovunner fir sech däerf kënne beasprochen, zu sengem Profit ausnotzen, anerer eventuell a seng Ofhängegkeet kann domadder bréngen. Dofir gesi mer och d'Noutwendegkeet fir dat um internationale Plang esou gutt wéi et méiglech ass, an esou effikass wéi et méiglech ass, ze regelen.

Mir hunn hei gesot kritt vum Rapporteur, deem ech och wëll gläichzäiteg merci soe fir säi Rapport, datt d'finanziell Reperkussioune fir de Lëtzebuerger Stat net esou richteg ofzegesi wären. Mir hoffen dann, datt se sech awer iergendwéi, trotz der Wichtegkeet déi do ass, a gewëssene Grenzen hält, mä grondsätzlech wëll ech hei den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Camile Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass schonn e bëssen eng geckeg Welt déi amgaang ass vir sech ze goen am Beräich genetesch Vielfalt. Hei sinn iwwer 180 Länner déi sech Méi ginn a sech soen, mir mussen eis natierlech genetesch Vielfalt dobausse schützen. Mir mussen och dofir suergen, dass de Süde ka vun där Vielfalt profitéieren. Parallell maachen e puer multinational Firme mat der Hëllef vun de Vereenegte Staten awer alles fir genau an eng aner Richtung ze goen, well ech mengen, et ass schonn hei e Lien tëschent der natierlecher genetescher Vielfalt an der Problematik, déi mer d'lescht Woch hei heftegst diskutéiert hunn, nämlech d'Genmanipulatioun, well wa mer déi dote Firmen an d'Vereenegt State gewäerde loossen, dann ass et geschwënn esou, dass mer op der ganzer Welt nach just eng Maiszort, eng Räiszort an eng Sojaszort wäerten hunn. An dann ass net nëmmen déi enorm genetesch Vielfalt fort, vun där elo hei geschwat ginn ass, mä da riskéiere mer, datt net nëmme fir eis Ernährungsplanzen eng onwahrscheinlech Banaliséierung kënnt, mä och doriwwer eraus an der Natur selwer. Eigentlech e weidere Grond nieft deene villen, déi hei schonn déi lescht Woch erwähnt si ginn, fir géint dës Technologie virzegoen an alles ze maachen, fir se esouwäit wéi méiglech ze verhënneren.

Ech sinn dofir frou datt de President vun der Ëmweltkommissioun esou prompt op d'Resolutioun vun dëser Chamber reagéiert huet a fir den nächste Mëttwoch schonn eng éischt Réunioun aberuff huet, wou mer d'Käpp wäerten zesummestrecken, fir ze kucke Léisungen ze fanne wéi mer zu Lëtzebuerg bis op Weiteres eng Koexistenz tëscht enger Landwirtschaft, déi sech op déi natierlech Vielfalt baséiert, kënne schütze vis-à-vis vu Leit, déi wëllen eng Monopoliséierung an eng Ofhängegkeet vun eise Bauere vun e puer Multien aféieren. Dat freet mech.

Et ass selbstverständlech, datt mir als Gréng dëse Projet de loi wäerte stëmmen. Ech deelen awer och d'Skepsis, déi de Jos Scheuer geäussert huet. Ech si gespaant, ob deen Traité hei soll duergoen, fir deen aneren Trend an der Wierklechkeet dobaussen ze bremsen, mä ech fannen et awer wichteg datt mer un der Front derbäi sinn, a wie weess ob net awer vläicht eng Kéier virun den Instanze vun der OMC dësen Traité eng juristesch Hëllefstellung ka ginn, wa mer géint d'Virmachtstellung vun deene puer Multië wëlle virgoen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Landwirtschaftsminister Fernand Boden.

M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen dem Rapporteur merci fir säi Rapport an och deene Leit, déi hei intervenéiert sinn, fir hir Ënnerstëtzung, déi se dësem Projet bréngen.

De Rapporteur Lucien Clement ass agaangen op d'Roll vun der FAO an dem Kampf géint den Honger. Ech mengen, d'FAO ass eng ganz wichteg Institutioun vun der UNO, wou 183 Memberstaten dra sinn. Si huet als Haaptobjektiv fir den Honger an der Welt ze bekämpfen. Mir wëssen alleguer, datt de Moment nach esou 800 Millioune Leit op der Welt ënnerernährt sinn. Dofir hat d'FAO schonn 1996 e Sommet mondial de l'alimentation organiséiert, wou en Engagement komm ass vun de Stats- a Regierungschefe fir bis 2015 d'Zuel vun deenen, déi ënnerernährt sinn, déi Honger leiden, ëm 50% ze reduzéieren.

Fënnef Joer duerno, 2001, ass eng Nofolgekonferenz gemaach ginn, wou deen Objectif erneiert ginn ass. Mir wëssen alleguer, wa mer deen Objectif wëllen erreechen, da musse mer virun allem dofir suergen, datt d'Landwirtschaft an den Entwécklungslänner verbessert, opgebaut a gestäerkt gëtt, méi kompetitiv gëtt, well d'Diskrepanz an der Produktivitéit vun der Landwirtschaft enorm grouss ass. Nëmmen 2 bis 3% vun de Baueren op der Welt hunn en Traktor, héchstens 30% eppes fir hire Plou ze zéien an de Rescht muss villfach nach mat der Hand a mat ganz rudimentären Utensilien an der Landwirtschaft schaffen. Wesentlech ass dofir ze suergen, datt mer en Opbau vun der Landwirtschaft an den Entwécklungslänner kréien.

D'FAO dréit wesentlech dozou bäi an ech hoffen, datt deen Traité, dee jo Eestëmmegkeet fënnt hei an der Chamber, och dozou bäidréit fir d'Landwirtschaft op der Welt ze entwéckelen, fir d'Vielfalt vun de genetesche Ressourcë besser ofzesécheren an dofir ze suergen datt mer en nohaltege Gebrauch vun de phytogenetesche Ressourcen op der Welt kréien. Dat ass eent vun de wichtegen Elementer, och fir d'Liewensmëttelsécherheet ze assuréieren.

Wéi gesot, ech si frou datt déi Erkenntnis do ass, datt mer hei solle matmaachen, och musse matmaachen. Mir haten dat déi leschte Kéier verpasst, 1983 oder wéini dat war. D'Zoustëmmung vu Lëtzebuerg zu dësem Traité schéngt mer dofir ganz wichteg ze sinn, fir och e Signal ze setzen.

D'Objektiver vum Gesetz si vum Rapporteur a vu verschiddenen Intervenanten duergeluecht ginn. Ech wëll net nach eng Kéier dorop zréckkommen, wëll just zu e puer Froen eng Äntwert ginn.

Éischtens ass gefrot ginn, wat d'Incidences budgétaires sinn. Dat kann een de Moment effektiv net soen, mä et ass net domat ze rechnen, datt déi esou héich ginn, datt se eise Budget géifen iergendwéi an d'Ongläichgewiicht bréngen. Et ass am Artikel 18 vum Traité virgesinn, datt d'Partie contractante soll eng Stratégie de financement selwer erschaffen. Am Artikel 19 gëtt en Organe directeur geschaf, dee kucke soll wéi déi eenzel Fongen zesumme komme fir kënnen d'Objektiver vum Traité ëmzesetzen. Wéi gesot, ech mengen net, datt mer do finanziell iwwerfuerdert gi fir matzemaachen.

Dann ass gefrot ginn, wéi vill Memberstate ratifizéiert hätten. Dir wësst, datt der musse 40 ratifizéiert hunn, fir datt den Traité kann a Kraaft trieden. Ech hunn hei vun e puer Intervenanten héieren, mir wären deen éischten EU-Memberstat dee ratifizéiere géif. Déi neisten Donnéeën, déi ech kritt hu vun den Affaires étrangères, déi sinn e bëssen anescht. Bis haut hätten 33 Net-EU-Memberstaten den Traité ratifizéiert. Wat elo d'Europäesch Unioun ubelaangt, esou huet d'Kommissioun mat de Memberstaten ofgemaach, datt si géifen en Dépot collectif maachen Enn Mäerz 2004, just virun dem Élargissement, a bis elo hätte sechs Memberstate vun der Unioun den Traité ratifizéiert: Däitschland, Spuenien, Dänemark, Irland, Finnland a Schweden, an a sechs anere Memberstate wär d'Ratifikatioun praktesch um Punkt fir ofgeschloss ze ginn. Dat wieren England, Italien, Éisträich, Portugal, d'Belsch an Holland. Mir wäerte wahrscheinlech dat siwent Land si vun der Unioun dat dësen Traité ratifizéiert. Et gesäit een also, datt wann d'Unioun deen Dépôt collectif mécht, dann déi 40 Staten den Traité ratifizéiert hunn an en en vigueur triede kann.

Dann ass och gefrot ginn, ob dat hei eng Inzidenz hätt op eis national Gesetzgebung. Ech hat schonn eng Kéier an der Chamberskommissioun gesot, datt dat net de Fall wär, well mir eng ganz Rei vu Moossnamen, zu deenen déi eenzel Memberstaten hei opgefuerdert ginn, schonn ëmgesat hunn. Mir hunn eng ganz Panoplie vun Agrarëmweltmoossnamen ëmgesat, déi hei préconiséiert ginn. Ënner anerem wëll ech erënneren un de Landschaftsfleegeprogramm, wou eng grouss Majoritéit, et kënnt ee bal soen d'Totalitéit vun de landwirtschaftleche Betriber matmécht.

Dann hu mer déi méi spezifesch Agrarëmweltmoossnamen, wou besonnesch eng an dës Richtung geet, d'Erhalung vun den traditionellen Uebstbongerte mat den Héichstammuebstbeem. Dat ass en Element wou mer kënnen e Beitrag leeschte fir zur genetescher Vielfalt, wat Lëtzebuerg ubelaangt, bäizesteieren. Dann hu mer och e Reglement gemaach iwwert d'Sauvegarde vun der Biodiversitéit, wou mer d'Baueren encouragéiere fir d'Biodiversitéit ofzesécheren. Och do ass e Programme d'aide virgesinn, sou datt déi Mossnamen, déi zu Lëtzebuerg getraff gi sinn, schonn an déi Richtung ginn, an net domat ze rechnen ass, souguer wann een dat renforcéiere géif, datt ee misst d'Gesetzgebung ofänneren. Wat wahrscheinlech muss geschéien ass, datt eng Rei vu communautären Direktive ëmgeännert ginn, besonnesch wat d'Commercialisatioun vum Saatgut ubelaangt. Wann déi Direktive geännert ginn, da musse mer natierlech eis Gesetzgebung deemno upassen.

Wat elo aner Programmer ubelaangt, mengen ech, datt et zu Lëtzebuerg méi sënnvoll wär a méi nëtzlech, fir eis ze bedeelegen un dem Finanzement vun enger Rei vu Projeten op internationalem Plang a besonnesch an den Entwécklungslänner. Déi Zones géographiques, déi Centres de diversité végétale genannt ginn, déi si meeschtens an Entwécklungslänner a stinn heiansdo a Gefor fir érodéiert ze ginn, an esou déi genetesch Vielfalt do verluer geet. Dofir, mengen ech, wär et net onlogesch, datt mer versichen duerch e Beitrag iwwert d'Entwécklungshëllef och do Projeten ze ënnerstëtzen. Ech sinn iwwerzeegt, datt dat vläicht e klengen Impakt huet op de Budget vun der Entwécklunghëllef. Ech mengen awer net, datt dat grouss finanziell Konsequenze géif matsechbréngen.

Wat d'Problematik vun den OGMen ubelaangt, déi den Här Gira ugeschnidden huet, wësst Der, datt Lëtzebuerg ëmmer do eng ganz streng Haltung ageholl huet. Mir sinn déi, déi mat derfir plädéieren an der Europäescher Unioun, fir datt d'Koexistenz soll europäesch ofgeséchert ginn, net datt all Memberstat misst eege Reglementatiounen do maachen. Ech géif mer wënschen, datt vill méi Memberstaten dat géifen ënnerstëtzen, zum Beispill déi, wou déi Gréng mat an der Regierung sinn. Dat ass ee Message, deen ech dem Här Gira wéilt matginn, fir vläicht bei hire Kolleegen, europawäit sinn déi Gréng jo net sou schlecht organiséiert, mat ze intervenéieren, dass se do och matmaachen a mathëllefen, fir dass déi Koexistenz, déi fir mech ganz wichteg ass, dass déi kann, net national, mä europäesch geregelt ginn.

Mir wäerten am nächsten Agrarconseil eng Diskussioun hunn iwwert d'Biolandwirtschaft, wou Konklusioune vum Conseil festgehale ginn a wou Lëtzebuerg an Éisträich op jidde Fall wäerten eng schrëftlech Déclaratioun déposéieren, dass mir der Meenung sinn, dass dee Problem vun der Koexistenz wichteg ass fir d'Biolandwirtschaft an dass mer hoffen, dass eng europäesch Léisung do kënnt. An, wéi gesot, ech hoffen dass mer do och d'Ënnerstëtzung vu méiglechst ville Memberstate kréien. Pour le reste nach eng Kéier merci fir déi grouss Ënnerstëtzung, déi dëse Projet kritt huet, an ech hoffen dass en och eestëmmeg hei gestëmmt gëtt.

Merci.

Plusieurs voix. Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 5056 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi 5056 ass unanime mat 54 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Nancy Arendt), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippinger et John Schummer;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Jean Asselborn), Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi), MM. Jos Scheuer et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes (par M. Jean-Pierre Koepp), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

An da komme mer elo zu enger Dringlechkeetsfro, déi de Kolleeg Ben Fayot gestallt huet, iwwert d'Stratégie européenne de sécurité. D'Regierung huet sech bereet erkläert, direkt op déi Fro ze äntwerten, an ech ginn d'Wuert elo un den Här Ben Fayot.

2. Question urgente N° 2495 de M. Ben Fayot relative à la Stratégie européenne de sécurité

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Här President, muer an iwwermuer hëlt den europäesche Rot zu Bréissel en Text iwwer eng europäesch Strategie vu Verdeedegung un. An der Verfassung selwer, déi och vun der Regierungskonferenz dëse Weekend soll approuvéiert ginn, si weider Formulatiounen iwwert d'Verdeedegung enthalen.

Bis elo ass an dësem Parlament wéineg, wann iwwerhaapt, iwwert déi Problematik geschwat ginn an ech mengen d'Verdeedegungspolitik ass trotzdeem een ureegent Gebitt vu parlamentarescher Kontroll. A mir wëssen och, dass wa vu Verdeedegung geschwat gëtt, dass dann och ëmmer vu Capacitéite geschwat gëtt, dat heescht vu Moderniséierung, vun Investissementer, also neien Ausgaben.

Mir hunn dat erlieft, wéi d'Regierung en Airbus matbestallt huet, ouni dass d'Chamber weider doriwwer gefrot gouf. An et sollt och e Stéck Schëff kaf ginn, wat awer elo net méi aktuell ass, well dat ze deier gëtt.

Et ass virauszegesinn, dass finanziell Efforte gemaach musse ginn an et wär gutt wa mer mat Zäit, dat